# Studéieren zu Fribourg

Friblëtz
zënter 1996



# Remerciement

E grousse MERCI un den:

**Jhemp HOSCHEIT**

an

**Thierry LUTGEN**

fir d'Iwwerliesen a Verbessere vun der Broschür.

Sou wéi un den:

**Pol LUTGEN**

fir de Layout an den Design vun der Broschür,

**Luc MILLER**

fir den Text

Ouni iech wär dës Broschür net realiséiert ginn!

# Virwuert vum Comité

Ween un d'Schwäiz denkt, deem kommen direkt Biller vu moleresche Bierglandschaften an de Kapp, gudde Schockela a Kéisfondue. Leider besteet "Studéieren an der Schwäiz" awer net nëmmen doranner. Well ween op Fribourg wëllt studéiere kommen, muss och wëssen, dass d'Schwäizer sou präzis ticke wéi hir Aueren!

Mee dës Kontraster maachen de Charme vu Fribourg aus: Vakanze-Feeling awer gläichzäiteg Fläissegkeet, Alstad a gläichzäiteg dat modernt Studenteliewen.

Et ass eng kleng Stad, déi vill Gemeinsamkeete mat der Stad Lëtzebuerg huet: déi mëttelalterlech Alstad, d'Gréisst an natierlech de Plurilinguismus. Wann een zu Fribourg am Cours sëtzt, kann et sinn, dass ee mat sengem lénken Noper Franséisch schwätzt a mat deem rietsen Däitsch. Hannert engem schwätzen e puer Tessiner op Italienesch, a virun engem gëtt op Schwizerdütsch geschwat.

Fir dass d'Studenten sech zu Fribourg och integréiert a wuel fillen, gouf 1996 de Fribourger Studenten-Cercle **Friblëtz** gegrënnt. Eise Cercle ass Member bei der ACEL an ass offiziell vun der Universitéit Fribourg unerkannt. Nieft der Ënnerstëtzung bei der Integratioun vun de lëtzebuerger Studenten an d'Schwäiz, vertriede mir d'Interesse vun de lëtzebuerger Studenten zu Fribourg a bidden hinne während dem Joer vill Aktivitéiten.

D'Informatiounen zum Liewen a Studéieren zu Fribourg fënns d''an dëser Broschür, respektiv op eisem Internet-Site *www.fribletz.lu* . Natierlech kanns du eis och direkt per e-Mail iwwer *comite@fribletz.lu* erreechen.

Mir wënschen dir vill Erfolleg a Spaass an dengem Studium,

... bis geschwënn!

De Friblëtz-Comité 2020/21

| | | |
|---|---|---|
| Tom SCHROEDER | Pitt Köller | Chrisophe STAMMET |
| Andrea DOMINGUES | Christophe BERTEMES | Alex LENERT |
| Lynn MATHIAS | Ines Paulos | |

BGL
BNP PARIBAS
D'Bank fir eng Welt déi ännert

SPUERKEESS

UNI
FR
UNIVERSITÉ DE FRIBOURG
UNIVERSITÄT FREIBURG

ACEL
de Studentevertrieder

MARBRERIE
BERTRAND

Raiffeisen

Hosting
Skills



# Inhaltsverzeichnis


**Fribourg: seng Geschicht & seng Kultur** 6

**Studium zu Fribourg** 7

*Université de Fribourg* 7

- Wéisou soll ech mech fir d'Uni Fribourg entscheeden 8
- Umeldung op der Uni 9
- Fakultéiten a Studiegäng 10

*Haute Ecole Pédagogique* 11

- Umeldung op der Héichschoul 12

**Liewen zu Fribourg** 13

*Wunnen* 13

*Mietvertrag* 14

*Praktesches* 15

*Kulinaresches, Gastronomesches & Nuetsliewen* 16

**Wéi kommen ech op Fribourg?** 17

**Iwwersiicht: Liewenskäschten** 18

**Iwwersiicht: Adressen** 19

**Studenten-Cercle: Friblëtz** 20

**Friblëtz Lidd** 21

# Fribourg: seng Geschicht & seng Kultur



Fribourg gouf am Joer 1157 vum Berthold IV, Graf vun Zähringen gegrënnt. No enger mouvementéierter Geschicht ënnert verschiddenen Dominatiounen, gehéiert Fribourg zënter 1481 der Schwäizer Confederatioun un.

Ënnert dem Berthold IV ass Fribourg befestegt ginn. Aus dëser Zäit ginn et nach ëmmer Tiermecher, Maueren a Portaler, déi vill zum Charme vun der Stad bäidroen. D'Stad Fribourg besteet aus zwee Deeler: D'Alstad an déi nei Quartieren, déi ronderëm d'Alstad lues a lues op den Héichte gebaut goufen. Dës zwee Deeler vun der Stad hu wéineg gemeinsam. D'Alstad, déi am Dall läit, huet nämlech hire mëttelalterleche Charakter net verluer: gotesch Gebaier, wéineg Hektik a wéineg Autoen, eng gemittlech Ambiance an de Bistroen an op den Terrassen, kleng flott Butteker, moleresch Brécken a schmuel Gaassen. Am Géigendeel dozou entsprécht d'Uewerstad éischter enger ganz normaler moderner Stad mat hirer dagdeeglecher Hektik.

| | |
|---|---|
| Kanton: | Fribourg |
| Sprochen: | Franséich an Däitsch |
| Awunnerzuel: | 40.000 |
| Studenten: | 10.000 |
| Héischt: | 610 M. ü. M. |

Fribourg gehéiert zwar offiziell zum franséischsproochegen Deel vun der Schwäiz, mee opgrond vu senger geographescher Lag op der Grenz zur Däitschschwäiz, kann een d'Stad als zweesproocheg bezeechnen. Dës Sproochegrenz nennen d'Schwäizer och nach de „Röstigraben".

Déi éischt kathoulesch Uerden hu sech schonn am 13. Jorhonnert zu Fribourg niddergelooss. Dorënner woren ënnert anerem d'Franziskaner, d'Jesuiten an d'Kapuzinner. Aus dëser Zäit ginn et haut nach vill idyllesch Kléischter a Kierchen.

Den hellegen Nikleeschen ass Patréiner vun der Stad. D'Kathedral, déi him geweit ass, gouf tëschent dem 13. an dem 17. Jorhonnert gebaut. Aus Geldmangel krut hire 76 Meter héijen Tuerm keen Daach. Am Summer kann ee fir CHF 2,50 déi 365 Träppleker vum Tuerm eropklammen an eng wonnerbar Vue iwwert d'Alstad genéissen.

# Studium zu Fribourg

## Université de Fribourg

D'Universitéit Fribourg ass 1889 gegrënnt ginn, an ass opgrond vun der Zweesproochegkeet an der Schwäiz eenzegaarteg. Dëst bidd vill Virdeeler fir d'Studenten, ënner anerem en zweesproochegen Diplom.

Obwuel d'Uni mat ronn 10.000 Studenten net déi gréissten ass, bidden hir fënnef Fakultéiten e grousse Choix u Studiegäng un. Ausserdeem dréit déi kleng Zuel un Studenten dozou bäi, dass ënnert de Studenten an Dozenten eng agreabel a familiär Stëmmung herrscht.

Nieft dem Studium bidd d'Uni och e grousse Choix u Fräizäitaktivitéiten a Sport un.

D'Universitéit zu Fribourg ass op verschidde Siten opgedeelt: Miséricorde, Pérolles I & II, Regina Mundi, Portes de Fribourg a Beaurégard. Weider aktuell Informatiounen iwwert däi Studium fënns d'op der Internetsäit vun der Uni (*www.unifr.ch*) oder vun der jeeweileger Fakultéit.



## Wéisou soll ech mech fir d'Uni Fribourg entscheeden?

Dës Fro kann ee mat véier gudde Grënn beäntweren:

1. Zweesproochegkeet (Franséisch & Däitsch): Fribourg ass eng vun deenen eenzegen europäeschen Unien, déi en zweesproochegt Studium ubitt. D'Zuel vun de Couren, déi op Franséisch oder op Däitsch gehale ginn, hänkt vu Studiegang zu Studiegang of. E puer Coure ginn och op Englesch gehal.



2. Intimitéit: Well d'Zuel vun de Studenten zu Fribourg relativ kleng ass, ass d'Stëmmung an de Virliesungssäll relativ familiär. A verschiddene Virliesunge souguer vergläichbar mat där, déi d'Studente vum Lycée gewinnt sinn. Dofir hunn si oft keng Schwieregkeete fir sech unzepassen.



3. Bologna-Konventioun: D'Uni Fribourg huet de Bachelor a Master System, d.h. e Bachelor a Master Diplom gëtt un all aneren Unie mat Bologna-Konventioun unerkannt.

4. Fribourg läit no bei de Bierger a sou huet een d'Chance, regelméisseg Schi oder Snowboard fueren ze goen.



*Fotoen mat engem © stinn ënnert dem Copyright vum:*
*Dekanat SES, Fakultät für Wirtschafts- und Sozialwissenchaften, Universität Freiburg (CH)*

## Umeldung op der Uni

Fir sech op der Uni Fribourg umellen ze kënnen, muss een eng Première B, C, D, E, F oder G gepackt hunn (mat enger A gëtt een net ugeholl!). Umelle kënnt dir iech bis den 30. Abrëll (oder bis den 31. August bei enger „inscription tardive“). D’Umeldung fir d’Uni muss een iwwer Internet maachen: *www.unifr.ch/admission*

Wann s du dech dann ugemellt hues, muss du CHF 100.- * (respektiv CHF 150.- * bei enger „inscription tardive“) iwwerweisen. Fir d’Umeldung op der Uni muss een en Dossier zesummesetze mat folgenden Dokumenter:

- Premièresdiplom (Original) (Well een nëmmen een Original huet, rode mir dir op denger Schoul eng Bescheinegung unzefroen, dass de deng Première gepackt hues an dat Dokument bei denger Demande mat eranzeschécken. Soubal s de däin original Diplom hues, solls de deen da perséinlech op der Uni virweise fir deng Aschreiwung definitiv ofzeschléissen.)
- den Detail vun de Punkten (Zensuren) vun deenen dräi leschte Joren am Lycée
- de Beweis dass du d’Dossiersgebühre bezuelt hues
- en CV
- Passfotoen
- Kopie vum Pass oder vun der Carte d’Identité

Den Dossier kanns du entweder aschécken op d’Université de Fribourg (cf. Adress vum Service d’admission et d’inscription) oder du kanns en op der selwechter Adress och ofginn. Da schéckt d’Uni engem d’Rechnung fir d’Semestergebühren (CHF 985.- *) ze bezuelen, an domatt bass de dann definitiv op der UNI ugeholl.

Fir méi genau Detailer hutt der awer nach ëmmer am beschten, dir gitt op den Internetsite vun der Uni.

* Stand 2019

## Fakultéiten a Studiengäng

Wichteg: Als Ausländer gëtt een an der Schwäiz weder fir e Medezin- nach fir en Droit-Studium ugeholl! Dofir sinn dës Fakultéiten och net hei opgelëscht!

- Op der **Miséricorde** fënnt een:

  Décanat de la ***Faculté des Lettres***
  Av. de l'Europe 20
  CH 1700 Fribourg
  *www.unifr.ch/lettres/fr*

  Décanat de la ***Faculté de la Théologie***
  Av. de l'Europe 20
  CH 1700 Fribourg
  *www.unifr.ch/theo*

- Um **Pérolles I** fënnt een:

  Décanat de la ***Faculté des Sciences et de médécine***
  Chemin du Musée 8
  CH 1700 Fribourg
  *www.unifr.ch/science*

- Um **Pérolles II** fënnt een:

  Décanat de la ***Faculté des Sciences Economiques et Sociales***
  Bd de Pérolles 90
  Ch 1700 Fribourg
  *www.unifr.ch/ses*

**E Resumé mat all de Fakultéiten, Studienangeboter (Bachelor a Master) a weider Informatiounen fënns d'op der Internetsäit:** ***http://studies.unifr.ch***

## Haute Ecole Pédagogique

D'Lëtzebuerger hunn d'Méiglechkeet zu Fribourg eng Ausbildung fir Schoulmeeschter/Léierin fir d'Grondschoul op Däitsch, Franséisch oder Bilingue ze maachen. Herno huet een e „*Bachelor of Arts in Pre-primary and Primary Education a Lehrdiplom (Deutsch oder Französisch)*". Dës Ausbildung fënnt op der Haute Ecole Pédagogique Fribourg, kuerz HEP, statt. Ee grousse Virdeel vun der HEP ass déi familiär Stëmmung an déi gutt Betreiung vun de Studenten.

Während dem 3-jährege Studium huet een nieft den Theoriecouren och relativ vill Stage, während deenen ee vill praktesch Erfahrung sammele kann. Well d'HEP enk mat den aneren Héichschoulen an Universitéiten zu Fribourg zesummeschafft, besteet d'Méiglechkeet nom Bachelor och nach ee Master-Ofschloss ze maachen.


Rue de Morat 36
CH 1700 Fribourg
Tel.: +41 (0) 26 305 71 11
Fax.: +41 (0) 26 305 71 19
*info@hepfr.ch*
*www.hepfr.ch*


HEP | PH FR



## Umeldung op der Héichschoul

Fir sech op der HEP Fribourg umellen ze kënnen, muss een eng Première B, C, D, E, F oder G gepackt hunn (mat enger A gëtt een net ugeholl!). Umellen kënnt der iech vum 1. November bis den 31. Mee. D'Umeldung muss een iwwer Internet maachen:

*https://www.hepfr.ch/formation/procédure-dadmission*

Wann s du dech dann ugemellt hues, muss du bis spéitstens den 31. Mäerz CHF 100.- * Aschreiwungskäschten iwwerweisen. Fir D'Umeldung op der HEP FR muss een en Dossier zesummesetze mat folgenden Dokumenter:

- Kopie vum Premières-Diplom (déi kanns du nach bis de 8. Juli noreechen).
- En Auszuch aus dem Casier Judiciaire
- Arztzeugnis (kuckt am Umeldeformulaire)
- Beweis dass der d'Aschreiwungsgebühren vun CHF 100.- * iwwerwisen hutt.

Den Dossier kënnt dir entweder op d'HEP FR aschécken oder am Sekretariat vun der HEP FR selwer ofginn.

D'Semestergebühren pro Semester leie momentan bei CHF 4'200.- * / Semester.

Fir méi genee Detailer hutt der awer nach ëmmer am beschten dir gitt op den Internetsite vun der HEP.





* Stand 2019

# Liewen zu Fribourg

## Wunnen

Fir Studente ginn et zu Fribourg verschidde Méiglechkeete fir ze wunnen:

<u>WG</u>***:*** Déi wuel flottsten a bëllegsten Aart a Weis ze wunnen ass eng WG. Op der Uni fënns du ëmmer vill Annonce vu WGen, wou nach en Zëmmer fräi ass. De Loyer an enger WG läit normalerweis tëschent CHF 400.- a CHF 600.- . Déi meeschte fräi WG-Zëmmere fënns du op folgenden Internetsäiten:

*www.agef.ch* *www.wgzimmer.ch*

<u>EEGE WUNNENG</u>***:*** Alleng wunnen ass dacks vill méi roueg ewéi an enger WG, mee kascht awer eppes méi. De Loyer fir eng eege Wunneng läit tëschent CHF 700.- a CHF 1200.- .

Fir eng Wunneng ze fannen, kennt der iech an eiser Facebook Grupp mellen, do kritt der secherlech mat, wann bei engem Letzeboïer eppes frai gett, oder an der Facebook Grupp «Students Fribourg 2019-2020»

*https://www.facebook.com/groups/757854087613864/*



## Mietvertrag:

Fir zu Fribourg eng Wunneng ze lounen, brauch ee verschidden Dokumenter, wou et net schlecht ass, wann een déi schonn direkt matbréngt. Je no Proprietaire sinn dat:

- Déi 3 lescht Paiziedele vun den Elteren oder vun deem, deen d'Garantie fir de Loyer stellt
- Eventuell en ënnerschriwwenen Ziedel vun den Elteren, wou si bezeien, dass si fir de Student biergen (Garant sinn)
- Fotokopie vun der Carte d'Identité vun all deenen. déi de Kontrakt ënnerschreiwen
- Attestation d'Inscription vun der Uni
- Fotokopie vum Permis de Séjour (déi muss een normalerweis noschécken)
- Extrait aus dem Casier Judiciaire vun deem, deen de Kontrakt ënnerschreift (net méi al wéi dräi Méint)

Wichteg: Verschidde Proprietairen an der Schwäiz verlaangen, dass du ee Schwäizer als Bierg (Garant) fir eng Wunneng hues. Do kann een am beschten ëmmer direkt nofroen, ier si engem da soen, datt dat net klappt.



## Praktesches

- Auslännerausweis (Permis de Séjour B):

Den Auslännerausweis ass obligatoresch fir all auslännesche Student. Nëmme mat dësem dierf een sech legal an der Schwäiz ophalen. Du brauchs och dëse Permis B fir en Abonnement (fir Handy, Internet asw.) ze maachen. Am beschte sicht ee sech fir d'éischt eng Wunneng, ier ee sech e Permis ufreet. Den Dossier fir d'Ufro vun engem Permis B muss folgend Dokumenter enthalen:

- Aschreiwungsbestätegung vun der Uni
- Kopie vum Pass
- Passfotoen
- Kopie vum Kontrakt vun der Wunneng

Um Büro vun der Auslännerpolice kritt een dann nach e Questionnaire, deen een ausfëlle muss. De Permis kascht ronn CHF 90.- * a muss vu Joer zu Joer erneiert ginn (cf. Adress vun der Auslännerpolice). Opgepasst: och eng Adressännerung muss een der Auslännerpolice matdeelen a kascht CHF 37.- *

- Krankeversécherung:

Studente kënne vun der Versécherungspflicht an der Schwäiz befreit ginn, well se schonn zu Lëtzebuerg verséchert sinn. Normalerweis kritt een am Laf vum Joer e Bréif fir d'Krankekeess, op deen een dann äntwert an erkläert, datt ee schonn zu Lëtzebuerg verséchert ass, an eng Kopie vun der Kaart vun der Krankekeess dobäi leet. Zousätzlech verlaange si nach eng Kopie vum Permis de Séjour B. Am Zweiwelsfall informéiert iech am beschte bei der Krankekeess.

- Taxe non-pompier:

Ab 21 Joer muss jiddereen, deen net an de Pompjeeën ass, déi Taxe bezuelen. Déi läit bei CHF 160.- * an et kritt een den Ziedel heem geschéckt.

- Serafe:

An der Schwäiz muss d'Tele an de Radio ugemellt ginn, an et musse Gebühren dofir bezuelt ginn. Serafe scheckt iech do en Bréiw, wann der iech umellt. De Präis léit hei bei CHF 365.-* pro Joer pro Haushalt.

* Stand 2019

## Kulinaresches, Gastronomesches & Nuetsliewen

Iwwert d'Mëttesstonn bidden déi verschidde ***Mensaen*** de Studenten en ofwiesslungsräiche Menü un. D'Menüen an deenen eenzelne Mensae kaschte CHF 7,5 – CHF 12.- .

Wee sech awer gutt verwinne loossen a gutt iesse goe wëllt, huet zu Fribourg e relativ grousse Choix un nationaler an internationaler Kichen.
Fir ***Schwäizer Spezialitéiten***, wéi zum Beispill Kéisfondue oder Raclette, sinn de Restaurant *Café du Midi* a Restaurant *La Clef* déi richteg Adressen.
Fir ***italienescht Iessen*** gëtt et de *San Marco, Molino, Luigia* an den *Imprévu.*
Wee säi ***Burger*** net aus dem McDonald's wëllt, kënnt am *Café Populaire*, am *Crazy Wolf*, *Cyclo,* am *L'Artisan* oder am Café *Mondial* op seng Käschten.

Fir puer gemittlech Stonnen ënner Kolleegen ze verbréngen, kann een an ee vun deene ***Cafée*** goen, déi souwuel an der Alstad, wéi och Zentrum ze fanne sinn. En Highlight bei guddem Wieder ass de *Belvédère*, mat senger sensationeller Terrass, wou een eng moleresch Vue op de fréiere Fribourger Stadkär huet.

En aanert Highlight ass eisen Stammcafé, den Piccadilly, wou een déi beschten Gedrenks vun Fribourg kritt.

Méindeg ass am Semesterufank ***„Crazy Monday"*** zu Fribourg: Owes geet et lass am Café *Populaire*, oder *Ancienne Gare*. Dono kann een an den *Irish Pub „Paddy Reilly's*" feiere goen. Och déi aaner Deg fennt een zumols an der Woch ganz vill verschidden Studentepartyen an der ganzer Stad verdeelt.

De ***Centre Fries*** organiséiert all Dënschdes en Iessen aus engem anere Land, dat vu Studente gekacht gëtt. Fans vu Live-Musek kënne Mëttwochs an de *Centre Fries* goen fir e gratis Concert vun Underground-Bands.

Net vergiessen däerf een den Concertsall an Disco ***Fri-Son***, wou reegelméisseg Soiréen sin an och international Gruppen, wéi schons Maximo Park, Mando Diao an Co. optrieden.

# Wéi kommen ech op Fribourg?

Fribourg läit ronn 500 Kilometer vu Lëtzebuerg ewech.

Am bäschten kënnt een mam **Auto** op Fribourg. Et ass een an ongeféier 4 ½ bis 5 Stonnen do. Am beschte fiert een iwwer Stroossbuerg, Basel a Bern (dës Streck kascht ronn 14 EUR* Péage). Fir op de schwäizer Autobunne fueren ze kënnen, ass d'Autovignette obligatoresch! Déi kascht CHF 40.- * an dir kënnt se zu Basel op der Grenz oder zu Lëtzebuerg beim ACL kafen. Et fueren och reegelméisseg Leit mam Auto tëschent Lëtzebuerg a Fribourg hin an zréck, dofir fënnt sech oft eng Matfuergelegenheet iwwert eis **Facebook-Grupp FRI-MOBILITY**.

Mam **Zuch** kënnt een och an d'Schwäiz ass awer mëttlerweil ziemlech komplizéiert ginn an et muss een 3 bis 6 mool ëmklammen. Et brauch een dann och tëschent 4 ½ a 5 ½ Stonn. Et ginn eng Rëtsch interessant Zuchreduktiounskaarte fir Studenten (dës sin och interessant, wann een an der Schwäiz wëll Tourismus maan):

| Abo | Präis vum Abo | Beschreiwung |
|---|---|---|
| *Halbtax (Demi-tarif)* | CHF 185.- | All Tiketen duerch d'Schwäiz zum halwe Präis |
| *Railplus Junior* | Ass am *Halbtax* an an der *Carte 12-25* mat dran | 25% fir all international Reese fir Jonker ënnert 26 Joer |
| *Seven25 (Voie 7)* | CHF 39.- de Mount | Gratis duerch d'Schwäiz no 19:00 Auer bis moies 5:00 Auer |
| *Carte Jeune (SNCF)* | 49.- € | 50 % op Tiketen duerch Frankräich a 25% a Lëtzebuerg an an der Schwäiz |



# Iwwersiicht: Liewenskäschten

D'Liewenskäschten an der Schwäiz si bekanntlech net bëlleg. Dofir hu mer eng kleng Tabell zesummegestallt, mat den ongeféiere Käschten, mat deenen de Student zu Fribourg pro Mount rechne muss.
D'Uni Fribourg schléit vir, e Budget tëschent CHF 1400.- an CHF 1600.- pro Mount anzerechnen.

Natierlech kënnen dës Ausgabe staark änneren, je no Studium, Wunneng oder Liewensstil vum Student!

| | |
|---|---|
| **Wunneng** | CHF 400.- bis 1200.- (je no Gréisst vun der Wunneng an op een alleng oder an enger WG wunnt etc.) |
| **Verpflegung** | CHF 400.- bis 600.- |
| **Verschidenes, Täschengeld, Sport an etc.** | CHF 200.- |
| **Bicher an Schoulmaterial** | CHF 20.- bis 200 (je no Studium) |
| **Transport** | Hänkt ganz dovun of wéi oft dir hin an hier fuert. (c.f. Transport S. 17) |

Dobäi muss een nach déi jäerlech Ausgaben rechnen, wéi d'Taxe non-pompier oder de Permis de Séjour B.

Weider Informatiounen zum Liewen an de Käschten an der Schwäiz fannt der um Internetsite vum „Eidgenössischen Departement für auswärtige Angelegenheiten": *http://www.swissworld.org*

# Iwwersiicht: Adressen

Service d'admission et d'inscription (vun der Uni Fribourg)

Rue de Rome 1
CH 1700 Fribourg
Tel.: +41 (0) 26 300 70 20
Fax.: +41 (0) 26 300 97 90
Web: *www.unifr.ch/admission/fr*
Horaire: Méindes bis Donneschdes vun 8:30 – 11:30 oder op RDV

Auslännerpolice (fir den Permis de Séjour B)

Service de la population et de migrants
Route d'Englisberg 11
CH 1763 Grange-Paccot
Tel.: +41 (0) 26 305 14 92
Fax.: +41 (0) 26 466 17 85
*Web: http://www.fr.ch/spomi/fr/pub/index.cfm*

Apartis (Agence Immoblière vun der Uni)

Rue de l'Hôpital 4
CH 1700 Fribourg
Tel.: +41 (0) 26 300 73 13
Fax.: +41 (0) 26 300 97 59
Mail: *apartis@unifr.ch*
Web: *www.apartis.ch*

Touristebüro

Freiburger Tourismus und Region
Postfach 1120
Jean-Tinguely Platz 1
CH 1700 Fribourg
Tel.: +41 (0) 26 350 11 11
Fax.: +41 (0) 26 350 11 12
Mail: *info@fribourgtourisme.ch*
Web: *www.fribourgtourisme.ch*

Ville de Fribourg (Gemeng Fribourg)

Place de l'Hôtel-de-Ville 3
CH 1700 Fribourg
Tel.: +41 (0) 26 351 71 11
Fax.: +41 (0) 26 351 71 09
Web: *www.ville-fribourg.ch*
Horaire: Méindes bis Freides vun 8:00 – 11:30 an vun 14:00 – 17:00

# Studente-Cercle: Friblëtz

De Friblëtz ass de lëtzebuerger Studentecercle zu Fribourg a representéiert d'Interesse vun de lëtzebuerger Studentinnen a Studenten. De Cercle hëlleft den neie lëtzebuerger Studentinnen a Studente fir sech an d'Unisliewen z'integréieren. Mir informéieren déi zukünfteg Universitären iwwert d'Uni an d'Liewen zu Fribourg. Zënter 1996 si mir Member vun der ACEL.

Dat akademescht Joer fänkt mat eisem Stammdësch an engem Opening Event un, wou déi nei Memberen d'Chance hunn, de Cercle kennen ze léieren. En éischte grousse Rendez-vous ass déi traditionell Daf: Ee Mëtteg laang ginn eis "Bleuen" mat vill Spaass gedeeft an an de Cercle agefouert. Owes gëtt dann nach zesumme gefeiert.

Duerno kommen nach eng Rëtsch flott Aktivitéiten, déi all Joer rëm kommen: de Kleeschen, eist Beerpongturnéier, de Schi-Weekend, d'Après-Ski Party an den Nationalfeierdag beim Ambassadeur zu Bern. Sportlech si mer och aktiv: Am Joer 2002 huet de Friblëtz de Swisscup an d'Liewe geruff, e Sportstournoi, wou déi verschidde Schwäizer Cercle vu Lausanne, Zürich, St. Gallen a Fribourg all Joers bei engem anere géinteneen untrieden.

Donieft organiséiert de Friblëtz och all Joer aner Aktivitéiten, fir dass d'Ofwiesslung net ze kuerz kënnt! Wanns du reegelméisseg un den Aktivitéiten deelhëls, muss du eng Memberskaart bezuelen. Déi kann een am Ufank vum Schouljoer online oder um éichten Event ufroen a kascht CHF 30.- (oder CHF 15.- fir 1 Semester)

fribletz.lu    Friblëtz    Frimobility    Friblëtz    comite@fribletz.lu

# Impressum

**Editeur:**

Friblëtz a.s.b.l. (Lëtzebuerger Studenten zu Fribourg)

comité@fribletz.lu

www.fribletz.lu

**Siège social:**

36 rte d'Echternach

L-6585 Steinheim

**Registre du Commerce:**

F865-fribletz  L130169507.03

**Text a Contenu:**

MILLER Luc

**Fotoen:**

LUTGEN Pol

Dekanat SES, UNIFR

*Fotoen mat engem © stinn ënnert dem Copyright vum:*

*Dekanat SES,*
*Fakultät für Wirtschafts- und Sozialwissenchaften,*
*Universität Freiburg (CH)*

**Layout an Design:**

LUTGEN Pol

Copyright © Friblëtz

Den Friblëtz iwwerhëlt keng Verantwortung fir d'Richtegkeet vum Inhalt vun den Artikelen

# ACEL- De Studentevertrieder

**Mir sinn fir dech do!**
**Virun, wärend an no dengem Studium!**

## INFORMATIOUN







Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoen fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliicheren. Dës dräi Broschüren fenns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.

Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Uni.



## REGROUPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Studenten, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

## REPRESENTATIOUN



Mir sinn am reegelmeissegen Kontakt mat de Ministeren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.

**www.acel.lu** | **contact@acel.lu**

**ACEL-de Studentevertrieder** | **acelluxembourg**

fribletz.lu | Friblëtz | Frimobility | Friblëtz | comite@fribletz.lu



Friblëtz

zënter 1996

# Wourop waarts de nach?